

3. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann et mer erlaabt ass, géif ech net ongären ufänken, fir all deene merci ze soen, déi op eng korrekt an interessant Aart a Weis, op déi eng oder déi aner vun deenen Iwwerleeungen – wou ech d'Méiglechkeet hat, se am Numm vun der Finanzkommissioun an dësem Budgetsrapport ze maachen – agaange sinn.

(Interruptions)

Den Här Asselborn hat meng Remarque iwwert den nobelen Deel vun der Politik opgeraf, fir ze soen, datt och a sech eng Oppositionsried en nobele politeschen Akt wier. An ech gi selbstverständlech dem Här Asselborn an deem Punkt Recht. E groussen Deel vun de Rieden zur Debatt, souwuel vun deenen engen, wéi vun deenen aneren, waren a sech aussergewöhnlech opschlossräich a sécherlech fir d'korrekt Duerstellung vun der Politik hei zu Lëtzebuerg nützelech.

Zu den Amendementer selwer well ech soen, dass d'Finanzkommissioun den 23. November eng Rei Amendementer adoptéiert huet, déi eis Finanzen heibannen an der Chamber selwer betreffen. Datt d'Chamber den 30. November d'Amendementer vun der Regierung kritt huet, datt den 11. Dezember d'Kommissioun déi Amendementer alleguer, a Presenz vum Tresor- a Budgetsminister, analyséiert huet, an datt de 14. Dezember den Avis complémentaire vum Conseil d'Etat vun der Finanzkommissioun analyséiert ginn ass an de Projet de rapport och deeselwechten Dag adoptéiert ginn ass.

Zum Rapport complémentaire géif ech a sech gären dat heite soen, an zwar, dass dozou vill manner ze soen ass, wéi dat all déi Jore virdrun de Fall war, an dofir gétt meng Interventioun hei op dëser Plaz och eng ganz kuerz Interventioun.

Et ass manner ze soen, well a sech manner Froen a manner Problemer an deenen Amendementer, respektiv dee Moment och am Avis complémentaire, opkomm sinn. Dat erkläert sech ganz einfach, an ech géif mer zur Erklärung de Pleséier huelen, fir e puer Sätz aus dem Avis vum Conseil d'Etat virzeliesen, déi an deem Sënn och signifikativ sinn.

De Conseil d'Etat seet a sech a sengem Avis: „A titre d'observation préliminaire, le Conseil d'Etat note avec satisfaction que contrairement aux années passées, le Gouvernement n'a cette année-ci pas utilisé la procédure des amendements pour introduire des cavaliers budgétaires” – dat ass e schéinen Ausdrock – „mais s'est

limité d'une manière générale à des amendements qui ont directement trait à la loi des finances proprement dite.”

Et ass a sech eng façon cavalière, fir sech auszedrécken – cela étant dit ass dat awer gutt esou – an ech hoffen och, dass dann an deenen nächste Joren och wéineg Cavaliers budgétaires, an den Amendements budgétaires vun der Regierung, kommen; dat erlichtert eis d'Aarbecht an et erlaabt eis, schnell virunzekommen. Mir stellen also am Résumé fest, dass, wat d'Eckwärter vum Budget uginnt, den Excédant budgétaire vun néng Milliounen Euro op eng Millioun erofgaangen ass, an dass déi zwielef Milliounen Euro, déi als Amendementer vigesi waren, och gebraucht gi sinn.

Bei de Recettë kann een eng Rei Verschiebung feststellen, wou ech haaptsächlech eng géif ervirsträichen, déi duerch d'Ofschafung vum Artikel 174 LIR, dee bis elo d'Déductibilitéit vun dem Impôt sur la fortune vun der Kollektivitéitssteuer virgesinn huet, begrënnt ass. Bei der Reform gëtt deen Artikel ogeschat an et kënnt eng gläichwäerteg Dispositioun bei déi applicabel Artikelen zum Impôt sur la fortune.

Den Effekt ass deen, dass duerch déi Dispositioun den Impôt sur la fortune esou gesenkt gëtt, dass hir Déductioun vum IRC kann ofgeschaf ginn. Et fënnt also gewëssenermoossen en Austausch tësche steuerleche Recettë statt. Beim IRC kënnt méi eran, a beim Impôt sur la fortune kënnt manner eran.

Fir de Stat ass dat a sech eng gutt Operatioun a fir d'Betriber gëtt d'Situatioun méi kohärent, well déi zwou Steieren elo jeweils à leur propre titre bezuelt ginn an net méi eng vun der Basis vun där anerer ofgeleet gëtt.

Fir de Budget a fir eis haut ass dat awer a sech just eng Verschiebung, déi sech an de budgétaires Amendementer kennzeechent, mä déi awer am Effekt keng Ausmoossen huet.

Wat zu den Dépensen ze soen ass, géif ech gären hei op dëser Plaz an dräi Punkte resuméieren, wouvun a mengen Aen deen éischten dee wichtegsten ass, well et a sech fir d'Amendementer eng direkt Konklusioun aus deenen Evenementer vum 11. September ass.

Esou stellt ee fest, datt ronn een Drëttel vun der globaler Zomm vun deenen Amendementer, dat heescht 6,1 Milliounen Euro – wat jo awer net näischt ass –, direkt aus Sécherheetsbestëmmungen stammen déi nom 11. September nei an dëse Budget eragefouert gi sinn.

Dat sinn am groussen Ganzen 29 Amendementer, déi mat neie Séchertheetsmoossname justificéiert ginn an och sécher berechtegt sinn.

Ech wëll just hei op dëser Plaz e puer Beispiller nennen, fir ze weisen, wéi wäit dat ka goen. Et geet zum Beispill ëm de Kaf vu Spezialmaterial fir de Kontroll vu Véhiculen op de Grenzen; et geet ëm d'Mise en oeuvre vun engem Plan

de sauvegarde et de dédoublement vun den Donnéeën, déi am Centre informatique an an der Steierverwaltung sinn; et geet ëm d'Loune vu supplémentaire gepanzerte Ween; et geet ëm den Akaf vum Interventionsmaterial am Kader vun den Antiterrorismus - Moossnamen; et geet ëm den Akaf vun individuellem Schutzmaterial fir d'Forces de l'ordre; et geet ëm den Akaf vu verschiddene Vaccinen, déi mer hei zu Lëtzebuerg am Noutfall géife brauchen; et geet ëm den Akaf vu spezielle Videokameraen, déi Interventions a kontaminéierten Ëmgebungen erlaben; et geet ëm den Akaf vu speziellen Ambulanzen fir den Transport vu kontaminéierter Leit am Fall wou dat noutwendeg wier; et geet ëm den Akaf vun Transportunitéiten, déi domat kënnen dëngen, wa verschidde Leit suspektéiert ginn, fir kontaminéiert ze si vun Agents biologiques, fir se dann en quarantaine kënnen ze setzen. Et geet ëm den Akaf vun électrogène Gruppen an ëm eng ganz Rei Sécherheitsmoossnamen, déi um Flughafen müssen nei ubruecht ginn.

Alles an allem 29 Amendementer, 6,1 Milliounen Euro, déi supplementär erabruucht ginn. Dat mécht een Drëttel vun allen Amendementer, déi elo am Budget stinn, aus. D'Finanzkommissioun ass selbstverständlech d'accord mat all deenen Amendementer a fënnt et noutwendeg, dass se zu dësem Zäitpunkt geholl ginn.

(Interruption)

D'Majoritéit vun der Finanzkommissioun. Richteg, Här Krecké. Dat muss ee preziséieren, mä ech denken, dass Dir bei deenen heiten Amendementer am Häerz net wäit dervun ewechleift.

(Interruption)

Jo, wa mer lech net hätten. Dat ass den noblen Deel vun der Opposition.

Nach kuerz wëll ech bemierken, dass an deenen Amendementer eng Millioun Euro sech zréckfannen, déi d'Chamber selwer proposéiert huet, fir dass d'Informatioun an der Chamber nach weider ka virugedriwwen ginn. Och dat ass wichteg fir eis Aarbecht a fir d'Präsentatioun vun eiser Aarbecht no baussen.

Och ass nach ze bemierken, dass am Kader vun de Fonds d'investissements d'Regierung vun den Amendementer profitéiert huet, fir enger Rei Recommandatiounen, déi d'Finanzkommissioun am éischten Avis gemaach hat, Rechnung ze droen, andeem se déi verschidden Investissementsfongen aktualiséiert an eng Rei Projeten, déi se gedenkt ze maachen, an dëser Etapp schonn derbäisetzt.

Et geet haaptsächlech ëm de Fonds d'investissement public administratif souwéi ëm de Fong fir de Schoulbau, wou Projeten derbäikomme wéi de Centre administratif zu Miersch, de Centre am Mariendall, den Ausbau vun der Ambassade zu Washington, den Émbau vun der

Ancienne serrurerie métallique op der Longkëscher Strooss, den CRP-Santé, wou modular Infrastrukturen derbäikommen. Wat d'Schoulen ugeet: d'Modernisatioun vum ISERP zu Walfer esou wéi d'Bereetstellung vun enger Rei modular Klasse fir de Lycée technique des professions de santé hei zu Lëtzebuerg.

Wat elo d'Loi budgétaire ugeet, och do si just e puer kleng Remarken ze maachen an eng méi fundamental. Déi puer kleng Remarken, dat sinn technesch Amendementer, déi d'Regierung proposéiert huet. Do geet et haaptsächlech drëm, fir a sech all déi Zommen, déi ugi ginn, mat engem Euro unzeginn, deen net nëmmen zwou Stellen, mä véier Stellen hannert dem Komma huet, fir esou der Exactitude vun de Präisser och Rechnung ze droen. Dat sinn e puer technesch Amendementer, déi op verschiddene Plaze vun der Loi budgétaire virkommen.

Et ass och drëm gaangen, fir dem Fonds d'investissement hospitalier d'Méiglechkeet ze ginn, Frais d'études et intérêts débiteurs ofzewéckelen, an dat op déiselwecht Aart a Weis wéi de Fonds d'investissements sociaux familiaux, wou esou eng Dispositioun fir dee Fong dra stong.

Da geet et och drëm, fir d'Adaptatioun vu verschiddene Gesetzer ze maachen, notament wat de Personalkader ugeet, wou a sech déi Gesetzer esou adaptéiert ginn, dass se op deem nei festgehalene Numerus clausus vun dësem Joer kënnen baséieren.

Dann ass eng Opposition formelle vum Conseil d'Etat an deem Avis complémentaire gewiescht. Et ass drëm gaangen, dass och bei der Administration de l'Enregistrement eng zousätzlech Kreatioun vu Poste gemaach ginn ass, fir a sech och hei deem neien Numerus clausus Rechnung ze droen. De Conseil d'Etat huet awer gemengt, dass am Kader vun deenen Ännerungen, déi hei virgeschloe waren, et méi wäit géing goe wéi just der Émännerung fir dem Numerus clausus gerecht ze ginn, mä dass eng Rei aner Saachen nach proposéiert gi sinn, déi de Personalkader uginne, esou dass de Conseil d'Etat sech gezwonge gefillt huet, fir eng Opposition formelle an dësem Kontext ze maachen.

En huet dann en Text proposéiert, dee just Rechnung dréit fir d'Numerus-clausus-Zuel ze änneren. En huet natierlech och, an dat wëll ech hei ënnersträichen, eng Proposition en ordre subsidiaire gemaach, wou en eng Rei Propositionen opzielt, ouni awer en Text mat där Proposition subsidiaire ze proposéieren. Esou ass et en fin de compte a sech just der Finanzkommissioun iwwreg bliwwen, well se um Text vun der Regierung eng Opposition formelle hat, well se op där anerer Säit op deem Ordre subsidiaire-Text keen Intitulé a kee Libellé hat, fir den amendéierten Text vum Conseil d'Etat tel quel unzehuelen, wa mer gären dee Budget hei gestëmmt hätten, wat an dësem Kader eis awer prioritär geschéngt huet. Dat huet d'Finanzkommissioun dann och an hirer Majoritéit esou befonnt.

Dat waren déi puer Saachen, déi ech an dësem Avis complémentaire wollt soen. Méi ass, denken ech, net heizou ze soen. D'Finanzkommissioun huet an hirer Majoritéit der Chamber proposéiert, fir dësen Text ze adoptéieren.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn zwar iwwert d'Reienfolg e bëssen iwwerrascht, mä wann dat an Zukunft ëmmer esou ass, dass ech dierf als éischte vun de Fraktiounspresidente schwätzen, dann hunn ech kee Problem dermat. Normalerweis wier et elo um Här Weiler, mä ech si gäre bereet, fir den Här Weiler matzeschwätzen.

D'Begrënnung, déi mir als Partei hei virbruecht hunn, firwat dass mir dee Budget hei net stëmmen, hunn ech lech résuméiert an zéng Punkten, déi sech haaptsächlech drëm dréien, dass et eng Regierung ass, déi bei de Reformen éischter a Richtung Reformstau an Immobilitéit geet an net capabel ass.

Ech hat och Beispiller ginn an ech kann och haut nach eent ginn, an zwar déi Dossieren, esou wéi se haut do leien, zu enger Léisung ze bréngen.

Et ass eng Regierung, déi léiwer iwwer 2050 schwätzt wéi iwwer dat, wat haut ass.

Et ass eng Regierung, déi zum Deel bei der Ëmverdeelungspolitik aner Weeër geet, déi mir awer als méi ongerecht ëmfannen. Mir hunn unhand vun deene Propositions de loi a vun anere Propositionen, déi mir eragereecht hunn als Kompensatioun zu de Steieren, probéiert klor ze maachen, dass mir an eng ganz aner Richtung do wëlle goen.

Et ass eng Regierung, déi zouléisst, dass dagdeeglech d'Land am Stau erstéckt a si presentéiert eng Null- wuel Null-Plus-Léisung.

Et ass eng Regierung, déi an der Bildungspolitik virgehale krut, dass se net ganz vill Opweises huet. Si krut iwwer eng Etüd nogewisen, dass se an deenen 2 1/2 Joer, wou se elo d'Méiglechkeet hat, d'Rudder erëmzerappen, net capabel war, dat ze maachen. Jiddferen huet hei probéiert ze beweisen, dass d'Bildungsoffensiv kengesfalls gerullt ass, au contraire. Mir hunn eis hei mat Saachen ofginn, déi éischter an d'Bildungspolitik vun de 60er Jore gepasst hätten.

Et ass eng Regierung vum Réckschréck e bëssen, wat d'Gesellschaftspolitik ubelaangt. Nach laang net ass dee Mäntelchen, deen de Premierminister hir wollt ginn, als fortschrëttlech op deem do Punkt bis elo ze erkennen.

Déi Amendementer, wat u sech jo Ëmännerunge sinn, sollte Verbesserung sinn, Zousätz sinn zu deem, wat de

Budget bis dohinner duergestallt huet. De Rapporteur selwer huet gesot, et ännert net vill un der Ausrichtung, en hätt och net vill derzou ze soen, wat ech och verstinn, mä Dir verstitt dann och, Här Rapporteur, dass wann un där Ausrichtung vum Budget net villes ännert, dann ass och eis Meenung selbstverständlech net ze änneren op deem Punkt, an dofir bleiwe mer op deem Standpunkt.

Einfach symptomatesch, fir net bei Schlagwierder ze bleiwen, ass déi zweet Etüd, déi mir an deene leschten Deeg virgehale kruten a wou Lëtzebuerg och ganz schlecht ofschneit. Déi ass symptomatesch fir d'Virgehe vun där Regierung hei.

No Lissabon a Feira war et klor, dass mir extrem vill Efforten ze maachen hätten an net nëmmen um Niveau vu Kreditter. Kreditter verduebelen, dat ass dat Einfachst, wat ee ka maachen, an dës Regierung zeechent sech och doduerch aus, dass se hir Politik mécht doduerch, dass se Geld verdeelt, dass se Kreditter verduebelt, ouni dass se mat engem Konzept hannendru schafft.

Mir hunn dem Statssekretär a Gespréicher dat erkläert. Mir hunn him gesot, wéi en iwwert d'Reforme administrative geschwat huet, dass e-Government nëmmen een Instrument ass vun enger Réforme administrative, an dass et net duergeet, dass een do just Kreditter asetzt, mä dass ee muss Konzepter dohinner leeën. Mir vermessen awer déi Konzepter.

Gitt nëmmen d'Internetsite kucke vu sämtleche Statsverwaltungen, do fannt Dir keng gemeinsam Démarche, kee gemeinsamen Nenner. Do mécht jiddferen, wat e wëllt. Do ass net wéi an Däitschland e Portail unique, wou een erakënnt. A wa d'Oppositioun dat seet, wëllt d'Regierung dat natierlech refutéieren.

Wann een allerdings dann e bësse méi en onofhängegt Gremium huet, wéi dat vun der Europäescher Gemeinschaft, d'Kommissioun selwer, déi higeet an an Optrag gëtt fir eng Etüd, wou eng Gesellschaft dann higeet a 7.400 Internetsiten agesäit vu Statsverwaltungen a vun öffentleche Verwaltungen, fir ze kucken, wat ass dann elo de Stand an deenen eenzelne Verwaltungen, Siten, wou ee wierklech muss e bëssen Imaginatioun hunn, Iwwerzeegungskraaft hunn, well sécher sëtzen och Leit an deene Verwaltungen, déi natierlech duerch de Gebrauch vun deenen neien Technologien an hire Gewunnechte sech e bësse musse bewegen, do muss een da wierklech Iwwerzeegungskraaft asetzen, Iddien entwéckelen. Et geet do net duer, dass een einfach Kreditter aschreift.

Mir kruten e ganz schrecklecht Bild virgehalen. Et soll och kee soen, e wär net mat Zäit gewarnt ginn. Ech huelen nëmmen als Beispill déi Schlësseladministratioun, déi am Moment d'Steieradministratioun duerstellt.

Am Abrëll 1997 hunn ech dem Finanzminister, op säin Optrag hinn, e Rapport ënnerbreet, deen dee ganz schlechten Zoustand um Niveau informatique vu senge

Steuerverwaltung bewisen huet, an dat war nëmmen een Aspekt vun deem Rapport.

Wat stelle mir fest? Aner Länner hu grouss Progrèsë säit där Zäit gemaach. Mir hunn net nëmmen um Niveau informatique tout court mä och um Niveau online, ëm deen et hei an dëser Etüd geet, näischt opweises. Corporate-tax, wat d'Betriebssteiere sinn, näischt. Income-tax näischt. TVA näischt opweises online.

Dir kënnt soen, jo, d'Oppositoun. Dir fannt ëmmer iergendeppes. Mä firwat bréngen déi aner Länner et fäerdeg, 100% online ze sinn? Siwen, aacht allt néng Länner vu 17 bréngen et fäerdeg, haut 100% online ze sinn, wou mir net op 10, 20 mä op null Prozent sinn.

Wéi wëllt eng Regierung erklären, si wär d'Regierung vun e-Government, vun e-Lëtzebuerg, wa se et net fäerdeg bréngt an hiren eegene Verwaltungen. Vun 20 Servicer, déi gekuckt gi sinn, wouvun der zwielef sech un d'Bierger riichten an aacht un d'Betriben, si mer bei 20 vun deene Servicer, déi do erausgewielt gi sinn – net vun der Oppositoun erausgewielt, erausgewielt vun der Kommissioun – siwe Mol déi Lescht, an nach eng kéier siwe Mol si mir déi Virlescht oder nach déi Virvirlescht. Dat heescht, mir brénge et fäerdeg vun 20 Servicer, 14 Mol ënnert deenen dräi Leschten ze si bei 17 Länner. Déi 15 aus der EU plus Norwegen an Island.

Dat ass einfach symptomatesch. Dat ass de Bewäis, dass et eng Regierung ass, déi schwätzt vun Innovatioun, déi schwätzt vun e-Government an déi awer näischt opzeweisen huet, wann een nëmme kuckt, wat mer do als Spigel virgehale kréien.

A well dat do symptomatesch ass fir eng Rei aner Saachen, kënne mir eis och net d'accord erkläre mam beschte Wëllen, dee mir un den Dag kënnte leeën, mat deenen Amendementer, déi hei abruecht gi sinn. Och wa mer am Detail net onbedéngt grouss Divergenzen hunn, esou ass d'Ausrichtung an d'Aart a Weis wéi d'Regierung hei un eng ganz Rei Reforme misst erugeen, einfach net eis, an dofir wäerte mer, Här President, weder de Budget nach seng Amendementer stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech konstatéieren, dass mäi Virriedner ganz weineg, wann net souguer guer näischt iwwert d'Amendements budgétaires geschwat huet. Ech froe mech, ob en net d'Impressioun huet, e géing sech lächerlech maachen, wann en am Kader vun all deem, wat dës Regierung an 2 1/2 Joer schonn opzeweisen huet, géing en erronément vun engem Reformstau schwätzen.

Wann ech den Accord salarial huelen. Wann ech gesinn, wat mir um Rentendesch ...

(Interruption)

Wat hutt Dir da fäerdeg bruecht? Bei lech sinn d'Leit op d'Strooss gaangen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Den Accord salarial ass dach keng Reform.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Den Accord salarial, deen Dir ni fäerdegbruecht hutt.

Dann d'Renten, déi mir reforméiert hunn. Dir hat d'Moyenen. Dir hutt et net gemaach.

Dann hu mer elo eng wierklech approfondéiert Steuerreform. Dat, wat Dir gemaach hutt 1992 an 1997 um Gebitt vun de Steieren, dat war Gepiddels. Mir maache mat eisem Koalitionspartner eng Reform. Dofir braucht Dir lech net an d'Broscht ze werfen an ze soen, dës Regierung wär schold un engem Reformstau. Deen eenzege Stau, deen ech konstatéieren: Dir hat zéng Joer laang den Transportminister, wann net méi laang, an dee Stau, dee mer haut nach ze veräntwerthen hunn, dat ass Äre Stau. Dat kann ech lech soen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- D'Leit soen lech schonn, wie responsabel fir de Stau ass.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech hätt nach vill léiwer, d'Leit géifen et muer soen amplaz eréischt iwwermuer. Gleeft mer et! Da géife mer emol gesinn.

Dir hätt iwwregens Schwierigkeeten, fir iwwerhaupt e Leader ze fannen, wann et muer wär.

(Interruptions diverses)

Ech kommen elo zu den Amendementer, zu deenen ech schwätze wollt ...

(Interruptions)

... mä zu deenen den Här Krecké an den Här Asselborn mech einfach net loossen.

(Hilarité)

M. Jean Asselborn (LSAP).- Jo, Här President.

M. le Président.- Här Asselborn ...

(Hilarité générale)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Den Här Asselborn ass elo net méi esou kéing, seng Froen ze stellen.

Här President, ech géif nach eng kéier, am Numm vun eiser Fraktioun, dem Claude Wiseler, dem Rapporteur, villmools merci soen, fir säin Haaptrapport an och fir de Rapport complémentaire. Den Examen vun den Amendementer vun der Regierung huet en hei op eng ganz gutt Aart a Weis gemaach, déi mir och deelen. Et gesäit een och, dass d'Regierung sech munches zu Häerz geholl huet.

Engersäits huet de Rapporteur op den Avis vum Conseil d'Etat higewisen, dat heescht also, dass sech dës Kéier manner Problemer stellen, an dass d'Regierung, wat d'Amendementer ubelaangt, sech méi op de Budget selwer konzentréiert huet. Zur gläicher Zäit hu mer dat jo och bei der Plus-value des Recettes gesinn, dass mer elo scho fir d'zweete Kéier e Projet de loi hunn, also eng gesetzlech Basis, fir déi Propositionen vun der Regierung unzehuelen.

Zu all deenen interessante Moossnamen an deenen Amendementer, déi de Rapporteur hei ervirgedroen huet, hu mir näischt bäizefügen. Mir si mat deem wat e gesot huet d'accord, notament wat dee surplus do ubelaangt vu 6.165.872 Euro, déi haaptsächlech fir Sécherheetsmoossnamen investéiert ginn. Och dat, wat en iwwert de Personalkader, gesot huet, bréngt eis Zoustëmmung. An och wat d'Opposition formelle vum Statsrot ubelaangt, ralléiere mir eis deem, wat d'Commission des Finances dozou gesot huet.

Deem ass näischt bäizefügen, Här President.

Also, mir wäerten net nëmmen de Rapport complémentaire an de Rapport principal stëmmen, mä och dës Budget.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetsdebatte verlafen traditionsgemäss iwwert zwou Wochen, wou, wéi haut an der zweeter Woch vum Rapporteur, den Zousazrapport presentéiert gëtt, a wou dann den Donneschden iwwert de Budget an d'Motionen ofgestëmmt gëtt.

Et gehéiert och zum normalen Oflaf vun esou enger Debatt, dass d'Opposition sech méi kritesch mat dem Budgetsprojekt ausenaner setzt, an d'Majoritéit de Budget aus enger méi positiver Säit belicht.

Dat sinn nun emol eben d'Spillregelen aus enger parlamentarescher Demokratie, an dat ass och gutt esou. Dat bedeit och, dass deen een an deen anere sech mat Aussoen, déi am Kader vun esou enger Debatt vun deem engen an deem aneren gemaach ginn, ausenaner setzt. Et ginn der ausgedeelt an et mussen der och agestach ginn. Wien dat eent net verdréit, dierf dat anert och net maachen.

Alles dat gehéiert zu eisem Job, dee mer hei ze maachen hunn. Wichteg ass awer an der Auseinandersetzung, dass mer d'Grenz vum politeschen Débat, wou et ëm d'Saach geet, an dem perséinlechen Ugräifen a Blesséieren ze trenne wëssen.

Dës Trennung huet d'lescht Woch de Fraktiounspräsident vun der CSV, Lucien Weiler, leider net gemaach. Hien huet gemengt sech mat Aussoe missen ausenaner ze setzen, déi den ADR oder méi spezifesch déi ech, am Numm vum ADR, hei gemaach hunn.

Dorunner ass och näischt Aussernormales, mä wann een engem aneren Deputéierte seng politesch Aussoen, well en eben – an dat ass jo awer sécher nach ëmmer engem säi gutt Recht – e spezifesch Punkt oder Situatioun anescht gesäit, wéi an dësem Fall den Här Weiler, dann als Ligen dohistellt, dann huet een dee Punkt iwwerschratt, deen net kann onbeäntwert am Raum stoe gelooss ka ginn.

Här President, den Här Weiler huet de leschten Donneschden e puermol hei gesot, ech hätt wessentlech d'Onwourecht gesot, also gelunn. Ech wëll dofir haut hei vun der Geleeënheet profitéieren, mech mat de perséinleche Beleedigungen, den Aussoe vum Här Weiler, ze beschäftegen, ouni mech awer op deen Niveau erofzesetzen, dee vum Här Weiler hei praktizéiert ginn ass.

Den Här Weiler huet d'lescht Woch d'Wuert ergraff, nodeem den ADR keng Riednerzäit méi hat. Dat war säi gutt Recht, zwar war et net ganz fair, an normalerweis hätt den Här Weiler och haut nom Rapporteur als Éischte misse schwätzen. Hien huet dat awer net gemaach, fir kënnen no mir ze schwätzen, och dat ass säi Recht, ass awer net ganz fair.

Als éischt Beispill dann de 700.000-Awunnerstat. Ech hunn a menger Interventioun dëschdes hei gesot, dass dat dem Statminister säin Dada ass, an dass hien nuets ëmmer vun esou engem grouse Stat dreemt. Dat huet den Här Weiler als eng Ligen dohinnergestallt, well de Contraire wier de Fall, de Statsminister hätt ëmmer op d'Konsequenze vun esou engem Stat higewisen.

Wann ech soen, Här President, et wier dem Statsminister säin Dada, da ka jo awer keen heibannen de Contraire soen oder behaapten, well hien huet dës Zuel an d'Gespräch bruecht, an d'Gespräch gehalen, an dës Zuel gëtt zënterhier permanent kommentéiert, sou dass, wéi et schéngt, an der Zwëschenzäit den Dada der CSV ferme um Mo läit.

Sou huet den CSV-Generalsekretär am Lëtzebuerger Wort, vum 24. Oktober dëst Joer geschriwwen: „Wir wollen nur wegkommen von dem leidigen Thema 700.000.“ Wann ech soen, de Statsminister géif nuets vun engem 700.000-Awunnerstat dreemen, kann ech dat sécherlech net beweisen; et ass eng politesch Interpretatioun. Mä, wann den Här Weiler mech duerfir als Ligener betitelt, muss den Här Weiler dem Här Juncker seng Dreem awer gutt kennen, fir esou iwwerzeegt mech als Ligener duerstellen.

Mä loosse mer vum Gedreems bei d'Realitéite kommen. Firwat kann ech awer esou eng politesch Interpretatioun maachen? Ma, well zum Beispill nom Resultat vum Rentendesch de Statsminister och eng politesch Interpretatioun gemaach huet, andeems e gesot huet, an ech zitieren d'Lëtzebuerger Wort vum 21. Juli dëst Joer iwwert de Bericht vum Regierungsrot, wou dra steet: „Als wesentliche Einigung sämtlicher am Rententisch vertretenen Parteien und Berufsorganisationen bewärtete

Jean-Claude Juncker den Umstand, dass niemand mehr bezweifele, dass wir in den kommenden Jahren mit einem 700.000-Einwohnerstaat werden rechnen müssen". A weider zitéiert d'Lëtzebuerger Wort an deem selwechten Artikel de Jean-Claude Juncker: „Alle wollen die 700.000. Es ist dies keine Perspektive, die mir Angst macht, ich glaube nicht, dass das ein Problem wird", gab sich Jean-Claude Juncker zuversichtlich.

De Statsminister huet also net, wéi den Här Weiler d'lescht Woch hei behaupt huet, virun engem 700.000-Awunnerstat a senge Folge gewarnt, mä hien huet gesot: „Ich glaube nicht, dass das ein Problem wird."

Et kann een och dovun ausgoen, dass, wann de Statsminister d'Ausso mécht: Alle wollen die 700.000, dass hien, zumindest wat d'CSV ugeet, weess vu wat dass hie schwätzt, an dass d'CSV de 700.000-Awunnerstat dann och wëllt.

De Statsminister behaupt och, dass all d'Parteien de 700.000-Stat wëilten. Dat stëmmt zumindest net, wat den ADR ugeet, well mir si géint de 700.000-Awunnerstat a mir hunn och duerfir an eisem Dokument zum Rentendesch um Ufank vun der Diskussioun verlaangt, et misst iwwert dëst Thema geschwat ginn, wat awer vun de Regierungsvertrieder ofgelehnt ginn ass, mam Argument, dat géif de Kader vum Rentendesch iwwerschreiten. Eng Diskussioun, déi iwwrigens och vun de grénge Kolleege do gefrot gi war.

Dem Statsminister seng Ausso, all Parteie wëilten de 700.000-Awunnerstat a keng Partei géif méi dorunner zweifelen, gesi mir als eng politesch Interpretatioun zu engem politesch Resultat, zudeem mir, wéi elo grad bewisen, eng aner Interpretatioun hunn a ginn.

An dem Här Weiler senger Logik misste mer de Statsminister als Ligener dohinnerstellen, well e gesot huet, all Parteien, also och den ADR, wëilten de 700.000-Stat. Dat maache mer awer net, well et net de Fall ass, et ass eng politesch Ausso, an et gëtt och op eng politesch Ausso eng politesch Äntwert.

Den Här Weiler huet am Land vum 14. September geschriwwen: „Der Staatsminister habe nach dem Rententisch unüberlegt die 700.000-Einwohnerdebatte angestoßen. Dies ist falsch, seine Ankündigung, dass wir in diese Richtung marschieren, erfolgte bereits im Mai 2000. Wir werden unser Land mit mehr Menschen teilen müssen, als dies heute der Fall ist."

An am CSV-Profil, ufanks Oktober stoung: „Tatsache ist, dass unsere Bevölkerung steigt, und zwar beständig, und deswegen müssen wir das Land, seine Bevölkerung und seine Infrastrukturen auf eine spürbare größere Bevölkerungszahl vorbereiten."

Alles dat huet d'CSV geschriwwen. An am Quotidien vum 17. Dezember, also gëschter, huet den Här Romain Kirt deen net eis, mä éischer der CSV méi no steet, en Interview gemaach, wou en dra schreift: „C'est vrai,

Juncker en a déjà parlé lors de son discours de mai 2000". Weider schreift en dann: „La différence est qu'il a cette fois-ci était perçé comme un projet, comme si les 700.000 habitants étaient un objectif politique du Gouvernement." An dem Här Weiler senger Logik misst een elo soen, den Här Romain Kirt wier e Ligener.

An zum Schluss nach een Zitat vum Här Weiler dëst Joer bei der politescher Rentrée am Lëtzebuerger Wort, wou e groussen Titel do stoung: „700.000-Einwohnerstaat ist kein Horrorszenario."

Här President, wann ech esou eppes soe wéi, dem Statsminister säin Dada, an dass hien nuets dovunner dreemt, ass dat sécherlech net iwwerdriwwen. Et ass eng normal Ausso an engem politeschen Débat.

Här President, ech iwwerginn lech heimat déi Dokumenter, déi dat beleeeën, wat ech elo grad hei alles gesot hunn.

(Hilarité générale)

Dat zweet Beispill ass d'Hausfraerent oder de Forfait d'éducation. Am ADR-Wahlprogramm steet: „Wir werden die Hausfrauenarbeit zusätzlich anerkennen und ihr den verdienten Stellenwert in unserer Gesellschaft wieder zukommen lassen, indem wir die Erziehungsjahre bis zum Alter von zwölf Jahren der zu erziehenden Kinder bei der Pensionsberechtigung mitberücksichtigen durch das Zahlen der Pensionsbeiträge über den Staatshaushalt des qualifizierten Mindestlohnes".

Ech hunn lech an deem nächsten Dokument, Här President, och déi Kopie vun eisem Wahlprogramm dra geluecht, an ech hunn lech och eng Kopie vun der CSV hirem Wahlprogramm dra geluecht, wat si dozou geschriwwen huet. Dir wäert lech wonneren, Här President, dat ass e wäisst Blat, well si huet näischt dodriwwer geschriwwen.

Den ADR huet permanent iwwert d'Hausfraerent geschwat, geschriwwen, an och dofir gekämpft. Sou wollte mer zum Beispill eng Plakat-Aktioun virun der Summervakanz maachen, wou mer op dee Problem hiweisen. Eng Plakat-Aktioun, wou d'CSV-Presidentin, an hirer Fonctioun als Bauteministes, eis awer keng Autorisatioun ginn huet, fir eben déi Plakate laanscht d'Strooss opzestellen. An d'CSV-Familljeministes huet an der Vergaangenheet ëmmer gesot: „Mir müssen nach mi Fraen un d'Schaffe kreien." Dat heescht, si huet am Fong eng Politik gemaach, fir datt d'Fraen net sollen doheem eppes kréien, mä datt se solle schaffe goen.

A wa mir haut soen, dass d'CSV ofgeschriwwen huet, dann ass et un der d'CSV, fir de Contraire ze beweisen. Mä ass een e Ligener fir eng politesch Interpretatioun, fir eppes wat den ADR zënterhier gesot a geschriwwen huet, an elo gëtt et gemaach, wa mer da soen et wier ofgeschriwwen ginn.

Da kommen ech elo op de Kolleege François Bausch, deen d'lescht Woch hei am Débat vum Budget gesot huet: D'CSV géif de Forfait d'éducation nëmmen aus Angscht virun de Wieler aféieren, an der Hoffnung, och esou Stëmmen ze gewannen oder zréckzegewannen. An da seet de François Bausch weider: "D'CSV wäert sech och hei ieren, well d'Leit léiwer d'Original wéi d'Kopie wäerte wielen". An dem Här Weiler senger Logik misst den Här Bausch och e Ligener sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn Iech, Här President, och domadder déi Dokumenter, déi dat beleeden, wat ech elo grad hei gesot hunn.

Dat drëtt Beispill dann ass d'Lëtzebuerger Sprooch, als Konditioun fir d'Nationalitéit. Ech hu gesot, mir wäere frou, dass d'Regierung den Avant-projet vum Nationalitéitgesetz ëmgeännert huet an dem ADR seng Propositioun, déi déi Lëtzebuerger Sprooch zur Konditioun mécht, ugeholl huet.

Den Här Weiler seet, dat wier eng Ligen, well an der zoustänneger Kommissioun hätt d'CSV den 18. Mee 2001 en Amendement eragereecht, an den 23. Mee 2001 hätt den ADR en Amendement eragereecht, an der CSV hiren Amendement wier ugeholl ginn. Dat stëmmt. Mä dat, wat mir gesot a geschriwwen hunn, waren net d'Amendementer an der Kommissioun. Richteg ass et, dass dat Joer virun, den 12. Oktober 2000 am Regierungsrot en Avant-projet ugeholl ginn ass, dee seet, an ech zitieren och do d'Lëtzebuerger Wort: „Seine Zustimmung gab der Ministerrat zu einem von Justizminister Luc Frieden eingebrachten Gesetzesprojekt zur Abänderung verschiedener Bestimmungen, die für die Erlangung der luxemburgischen Staatsbürgerschaft gelten.“

An eng vun deene Bestëmmunge war, dass een „eine der in Luxemburg gebräuchlichen Sprachen, lëtzebuergesch, französisch oder deutsch, beherrschen muss, um als anreichend angepasst angesehen zu werden“.

Géint dës Bestëmmung si mir als ADR Stuermer gelaf an hunn esouguer deklaréiert, wann d'Regierung net vun där Iddi géif zréckkommen a lëtzebuergesch als Konditioun maachen, da géife mir als ADR duerch d'Land eng Campagne lancéieren, fir dat, wat d'Regierung virhuet, ze verhënneren, an dat am Sënn vun onsem Walprogramm. Am Artikel 21 vun eisem Walprogramm steet: "Wir wollen elementare Kenntnisse unserer Sprache zur Vorbedingung für die Erlangung der Luxemburger Nationalität machen."

An dat ass op fruchtbare Buedem gefall, déi Ukënnegung vun eiser Campagne, well an engem Communiqué kuerz duerno, vum 4. Dezember 2000, huet d'CSV matgedeelt: „Il estime que les candidats à la nationalité devraient disposer d'une notion de base concernant la pratique de la langue luxembourgeoise ou alors suivre un cours de langue luxembourgeoise“

Dunn huet d'Regierung hiren Avant-projet de loi deementspreechend iwwerschaaft an en huet en deponéiert an an deem Projet, deen deponéiert ginn ass, war d'Konditioun, dass ee lëtzebuergesch muss kënne fir d'Nationalitéit schonn dran.

Dat hu mir hei gemengt an dat weess den Här Weiler och, mä a senger Grondierlechkeet huet hien et vergiess hei ze soen.

An der Kommissioun ass am Prinzip net méi geschwat gi vun der Sprooch, mä déi Amendementer vun der CSV an dem ADR haten allen zwee zum Objet eng besser Formulierung vun dem am Gesetz ageschriwwene Regierungstext ze bréngen.

Dass et net d'Absicht vun der Regierung an der Regierungspartei war...

(Coups de cloche de la Présidence)

...an déi elo zum Schluss...

M. le Président.- Här Gibéryen, Är Riedezäit ass ëm.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech hunn nach zwou Minutten.

M. le Président.- Neen, Är 15 Minutten sinn erëm.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Jo, mä Här President, Dir gesitt jo awer, dass et wichteg ass.

M. le Président.- Ma da maacht Schluss.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Voilà!

Dass et net d'Absicht vun der Regierung ass an der Regierungspartei war, an déi elo zum Schluss zréckbehalen Léisung a Richtung ze goen, beweist engersäits den Avant-projet vun der Regierung, an anerersäits de Regierungsprogramm wou dra stung, dass fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien een eng vun deenen dräi Sproochen misst kennen.

Ech iwwersprangen dann e bëssen, Här President, ech kucken dann, dass et bei enger anerer Geleeënheet nach wäert nohuelen.

De leschten Donneschden am Top Thema war den Här Weiler. Do ass ugeschwat ginn den Zesammenhang mat dem Communiqué, deen d'Magistratur erausginn huet, iwwert d'Ausso vum Statsminister, an da seet den Här Weiler: Mir hunn eis all gewonnert, firwat d'Magistratur net esou e Communiqué vis-à-vis vum Éischte Pouvoir a vis-à-vis vun der Chamber gemaach huet.

Éischtens, Här President, seet den Här Weiler „mir“, a mengt domadder sécher d'Chamber – mir – an d'Parteien. Den Här Weiler sammelt a solidarisiert also, wann hire Statsminister am Beschoss steet, all aner Partei ronderëm d'CSV, déi sech sollte gewonnert hunn, dass d'Magistratur kee Communiqué vis-à-vis vum Éischte Pouvoir gemaach huet.

Ech ka mech awer net erënneren, Här President, dass hei, an deenen Diskussiounen, ee sech oder eng Partei sech sollt an där doter Fro gewonnert hunn. Huet den Här Weiler am Top Thema net vläicht eppes gesot, wat hei net gesot ginn ass?

Zweetens, souvill wéi ech mech kann erënneren – et ass jo hei an der Chamber réischt aacht bis 14 Deeg hier –, war d'Haaptdiskussioun an där doten Ugeleeënheet d'Kritik vis-à-vis vun der Regierung an dem Justizminister, well déi hir Aarbecht net gemaach haten, déi si vum Éischte Pouvoir kritt hunn, nämlech bis zum Ausgang vun dësem Joer e Projet de loi virzeleeën, deen et net méi géif méiglech maache fir bei esou Banalitéiten op esou Mesuren zréckzegräifen.

D'Konklusioun...

M. le Président.- Ech mengen, Ären Timing ass och elo eriwwer.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, nach...

(Coups de cloche de la Présidence)

...d'Konklusioun, dat ass nach eng Minutt. Gitt mer déi nach.

Plusieurs voix.- Neen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ouh hei!

M. le Président.- Mir kënnen awer net bei jiddferengem... Mir hunn eist Reglement.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President,...

M. le Président.- Da sot nach ee Saz a maacht da Schluss.

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...mir waren elo grad d'accord, datt...

M. le Président.- Ech si jo net klenglech, mä et soll een och net iwwerdreiwen! Déi aner hu siwen, aacht Minutte geschwat, elo sidd Dir scho 17 Minutten amgang.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Déi waren esou fein an hu méi kuerz geschwat, fir datt ech soll e bësse méi Zäit kréien.

M. le Président.- Jo, ech gleewen dat, mä ech ka mech net erënneren lech dat erlaabt ze hunn!

M. Gast Gibéryen (ADR).- D'Fro déi ech wëll stellen, Här President: Firwat reagéiert ee Politiker, eng Partei...

(Interruptions)

...esou onfair vis-à-vis vun enger anerer Partei, engem anere Politiker? Firwat ass den Haass esou déif, fir datt een an der politescher Auseinandersetzung zu sou Methode gräift?

Ech hu mech an deene leschten Deeg mat där Fro beschäftegt a kouw zu där Konklusioun, dass nëmmen

eng Partei, eng Persoun esou ka reagéieren, déi mam Réck zur Mauer steet. Eng CSV, déi 1984 nach 25 Mandater hei am Parlament hat...

(Coups de cloche de la Présidence)

...an der haut nach 19 huet, déi also sechs Sätz verluer huet a gläichzäiteg...

M. le Président.- Ech mengen, mir sinn hei net an enger Walversammlung!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, dat ass awer eng Äntwert op déi Fro. Wann ech se net elo ka soen, da maachen ech se bei där nächster Debatt an enger Stonn wou ech d'Wuert erëm kréien, da soen ech do meng lescht...

M. le Président.- Dir sollt net iwwerdreiwen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Et ass net iwwerdriwwen, Här President.

M. le Président.- Dir hutt schonn duebel sou laang geschwat wéi déi aner. Dir sollt lech un d'Reglement halen, et ass fir jiddfereen! Egal zu wat fir enger Partei dass ee gehéiert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här Weiler hat d'lescht Woch och hei ferme iwwerdriwwen.

M. le Président.- Wéi oft gëtt mir hei virgeworf, ech wier net streng genuch, ech soll ee behandle wéi deen aneren; an elo sidd Dir deen, deen direkt provoziert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen, ech provoziéieren net.

M. le Président.- Dir sidd elo scho véier Minutten iwwer Är Zäit, an Dir fuert nach roueg weider!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen. Här President, wann der gären hätt ech soll ophalen, dann halen ech op. Da maachen ech et bei deenen nächsten Débaten, da liesen ech déi dräi Säite fäerdeg.

M. le Président.- Ma jo, dann ass et gutt. Da sot d'nächst Kéier de Rescht. Et ass gutt.

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Gutt. Här President, herno kommen ech bei engem anere Gesetz erop, da maachen ech dann de Schluss vu menger Interventioun.

Ech soen lech bis dohinner merci.

(Interruption)

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Bausch agedroen. D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech d'lescht Woch an där...

(Interruptions)

M. le Président. - Da loosse mer den Här Bausch elo schwätzen!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - ...Ech géing mech e bësselche berouegen am Eck do!

Här President, wéi ech d'lescht Woch den Här Minister a senger kuerzer Interventioun hei héieren hunn, reagéieren op d'Aussoe vun deenen eenzelne Fraktiounen zum Budget, dunn hunn ech eigentlech een Scénario misse materliewen, deen, géing ech mol gär soen, de Budgetsminister bei sengem Léiermeeschter nawell gär ofgekuckt huet, deen dra besteet, fir eigentlech no enger Debatt, déi dräi Deeg gedauert huet, wou eigentlech ganz vill Kriticke komm sinn, wou eng ganz Rei Parteien eigentlech hei zum Ausdrock bruecht hunn, och u ganz ville Beispiller, datt se mat där Majoritéit, wéi se den Ament fonctionnéiert, net d'accord sinn, datt se mat där Budgetspolitik och net d'accord sinn, ze maache wéi wann eigentlech e grouse Konsens an dësem Sall wier, wéi wann eigentlech hei alles in Butter wär zu Lëtzebuerg a kaum eng Partei, an iergendengem Sënn, d'Budgetpolitik vun dëser Regierung a Fro gestallt huet.

Dat ass natierlech ëmmer déi nämlechte Masche, déi do ugewannt gëtt, fir net brauchen op déi vill Kriticken, déi gemaach gi sinn, och zur Budgetpolitik vun dëser Regierung, anzegoen. Deen eenzege Punkt, wou de Minister drop agaangen ass, dat war op eis Kriticke par rapport zu de Steuerreduktiounen. Ech wëll haut awer do d'Äntwert net derzou ginn, well mer jo muer de ganze Moien hei sollen driwwer diskutéieren, dozou wäerten awer muer de Moien nach eng Rei Saachen ze soe sinn op déi kuerz Aussoen, déi hei gemaach gi sinn.

Ech wëll duerfir profitéieren awer, zumindest nëmmen dräi Schwéierpunkten erauszegräifen, niewent enger ganzer Rei aneren, déi ech hei virbruecht hunn am Numm vun eiser Fraktioun a wou mer der Meenung sinn, datt dës Regierung um Holzwee ass, respektiv op alle Fall net d'Zeeche vun der Zäit richtig erkannt huet.

Deen eischten, dat ass d'Schoulpolitik. Ech hat gesot, d'lescht Woch hei, datt mir net wëllten am Kader vun de Budgetsdebatten esou aus der Héft eraus einfach séier elo hei eng polemisch Stellungnahm ze maachen zu där ominöser PISA-Etüd. Mir bleiwen och bei där Meenung, mir wäerten dat net maachen, mir maachen dat gär fundéiert an uerdentlech, well dee Sujet do, Schoulpolitik, ass eis sou wichteg an do hänkt esou vill fir d'Zukunft vun enger ganzer Generatioun hannendrun, esou datt mir mengen, datt et eigentlech ee Sujet ass, dee sech schlecht eegent fir bëlleg parteipolitesch Polemik.

Ech muss allerdéngs soen, mech huet awer gestéiert eng Rei Aussoen, déi gemaach gi si vu Majoritéits-deputéierten, haaptsächlech vun CSV-Säit hier, déi awer e bësselche maachen, wéi wa mat deem Misär, deen

den Ament an eiser öffentlecher Schoul besteet, dës Regierung geschlossen näischt ze dinn hätt.

Et kann ee sécherlech domadder d'accord sinn, datt ee kaum der Madame Brasseur kann de Virwurf maachen, déi elo eppes iwwer zwee Joer am Amt ass, datt déi hätt sollen d'Revolutioun fäerdeg bréngen an iwwer zwee Joer, obschonn, an dorobber wëll ech nach eng Kéier zrëckkommen, d'DP natierlech am Walkampf ganz aner Saache gesot huet, wéi séier datt déi Bildungsrevolutioun misst geschéien, mä bon, dorobber wëll ech net hei agoen. Mä et kann een awer doutsécher, an dat ass awer menger Meenung no berechtigt, ounst mol direkt de Virwurf gemaach ze kréien, datt ee wëllt polemiséieren, der CSV den zolitte Reproche maache weinst deem Zoustand, dee mer haut, wat d'Inhalter an eise Schoulen ubelaangt, hunn. An ech schwätzen dofir net vun deem Aspekt, deen de Budgetsrapporteur a sengem Rapport ugeschwat huet, nämlech vun de Retarden an de Schoulinfrastrukturen, déi an där Mooss – an do sinn ech mat em d'accord – net previsibel waren, mä zumindest wat d'Inhalter ubelaangt an d'PISA-Studie, déi elo um Dësch läit, déi beschäftigt sech eigentlech virun allem jo mam Inhalt vun eiser Schoul, an net sou séier mat den Infrastrukturen. Do huet d'CSV eng Responsabilitéit, well et ass déi Partei, déi zënter dem Zweete Weltkrich onënnerbrach, mat enger Ausnahm '74-'79, den Educationminister gestallt huet, an do muss ech soen, datt '74-'79 déi deemoleg sozial-liberal Koalitioun eng ganz Rei zentral Reformusätz am Inhalt vun eiser Schoul probéiert hat. Ech hu mer net méi d'Méi gemaach, ech hätt mer se kënne maachen, mä dat hätt hei ze wäit gefouert, fir emol nozesichen, mat wat fir engen décke Geschützer datt déi Zäit vun CSV-Säit géint déi Regierung, géint den deemolegen Unterrechtsminister geschoss ginn ass, fir déi dote Reformen ze torpedéieren, déi Usätzreforme vun den Inhalter an der Schoul ze torpedéieren, a wou och gläichzäiteg ugekënnegt ginn ass, datt schleunegst alles dat, wat vun Usätz déi Zäit gemaach ginn ass, direkt, wa si géingen an d'Regierung kommen, géing réckgängig gemaach ginn an alles erëm zrëckbruecht ginn an déi al Uerdnung, déi al konservativ Uerdnung, wéi d'CSV se deemools, an ech mengen haut vläicht net méi grad esou, mä awer och nach zum Deel zumindest gesäit.

Donc ass et esou, datt et sécherlech eng Partei hei zu Lëtzebuerg gëtt, déi eng extrem Responsabilitéit huet am Dossier Schoulpolitik, an déi heescht CSV, Dir Dammen an Dir Hären, well et ass déi Partei, déi zënter dem Zweete Weltkrich ausser '74-'79 onënnerbrach dës Ministère gestallt huet an d'Zigel am Grapp hat an et eigentlech verpasst huet, kläglech verpasst huet, fir do zënter laangem Reformen ze maachen. Mä, wéi gesot, huet se au contraire nach an där Period, wou se net an der Regierung war, déi Reformusätz, déi déi Zäit vum Robert Krieps probéiert gi sinn, versicht erëm futti ze maachen.

Den zweete Punkt, dat ass d'Verkéisersproblematik. Ech hu gesot, datt d'Verkéisersproblematik fir eis de groussen Défi wär, fir dëst Land an deenen nächste Joren. Ech hunn opgezielt un enger ganzer Rei Beispiller, déi ech elo net nach eng Kéier hei wëll widderhuelen, wou mir déi gesinn. Ech hu gesot, datt eigentlech déi Usätz, déi vun der Regierung bis elo ugekënnegt gi sinn, eigentlech näischt Neies si par rapport zu Punkten oder zu Proposen, déi schonn an den nonzeger Joren um Dësch louchen, mä datt et awer wahrscheinlech esou wäert sinn, datt mer en immense Retard hunn an den Investissementer am öffentlechen Transport, datt mer noutgedrungen an deenen nächste Joren an e massive Verkéiserschaaos wäerten erasteieren.

Ech hunn elo d'Chance gehat gëschter, am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg, wou dat natierlech logescherweis och en zentraalt Thema war, e Pabeier an de Grapp gedréckt ze kréie vum Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, an et ass e Pabeier vum Transportministère, wou alles opgezielt gëtt, wat d'Regierung an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Lëtzebuerg elo dann envisagéiert an deenen nächste Joren am öffentlechen Transport, ze maachen.

Do kann ech nëmme soen, dat wat hei an deem Pabeier drasteet, dat ass ganz louabel, do ass keen ee Punkt dran, dee mir net kënne matdroen, mä och do muss ech soen, datt dat, wat an deem Pabeier hei steet, näischt revolutionär Neies ass. Mir mengen éischter souguer, dass nach kee richtegt Konzept dran ass, nach ëmmer. Et héiert een zwar lues a lues, wéi d'Pneue quietsche par rapport zu de Wale vu '99 a mer zrëckkommen op „Back to basics“ iwwrigens och an deem heiten Dossier op dat, wat an den nonzeger Joren eigentlech scho bekannt war. Mä do muss ech awer soen, wa mer an deenen nächste Jore bei alle louablen Investissementer, déi da jo wahrscheinlech – hoffen ech – zumindest gemaach ginn, an e Verkéiserschaaos era wäerte manœuvréieren an d'Leit béis Schikanen erliden, dann huet dat ee Responsablen. Dee Responsablen, deen heescht haaptsächlech hei Demokratesch Partei.

Well et deet mer Leed, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer déi hei Saache schonn an den nonzeger Jore sachlech eescht geholl hätten, esou wéi se hei um Pabeier stinn a wéi se elo haut anscheinend sachlech eescht geholl ginn, da wäer mer haut schonn e Schratt méi wäit an den Investissementer, an da wär et net esou, datt an deenen nächste Joren wahrscheinlech och ekonomesch fir dëst Land immens Verloschter ze erwaarde sinn, well eng Partei gemengt huet, se misst 1999 e walpolitesche Kalkül maachen, an der Hoffnung dann d'Bierger ze veronsécheren an d'Walen ze wannen, wat hinnen iwwrigens och gelongen ass, mä wou awer d'Leit wahrscheinlech elo en deiere Präis musse bezuelen an deenen nächste Joren, fir deen elektorale Kalkül, deen 1999 do gemaach ginn ass.

Et ass och dat, wat mir hei gesot hunn, d'lescht Woch an de Budgetsdebatten, wou mir och weider wäerte kritiséieren an et net wäerten esou einfach erlaanscht goe loossen an deenen nächste Joren, datt déi Schëlleg un deem Chaos, dee wäert op de Stroossen entstoan an deenen nächste Joren, datt déi net mam Numm genannt ginn. Hei gëtt et en Numm fir déi heiten, dat ass d'Demokratesch Partei, Dir Dammen an Dir Hären.

(Interruptions)

Een drëtten Punkt, Här President, fir ze ënnermauern, datt mir méi wéi eng Kritik hei gemaach hunn, dat ass den Aménagement du territoire, dee jo e Ressort ass, deen immens d'CSV innehuert. Ech hunn eng ganz Rei Froe gestallt. Den Aménagement du territoire, Här President,...

(Interruption)

...gëtt een zentrale Sujet fir dëst Land an deenen nächste Joren. Een zentrale Sujet, well wa mer nëmme minimal eisen ekonomesche Modell, sou wéi en zu Lëtzebuerg dréit, wëllen am Grëff behalen, an och nach eng Garantie behalen, dass en iwwerhaupt nach dréit, da musse mer den Aménagement du territoire op en Niveau erophiewen an der Politikgestaltung hei zu Lëtzebuerg, an der Gestaltung vun eisem Land, deen e ganz aneren ass, wéi deen, deen en am Moment huet.

Do muss ech soen, Här President, datt och do gutt Usätz do waren. Et gëtt e Plan directeur de l'aménagement du territoire, deen nach um Schluss vun der leschter Legislaturperiod publizéiert ginn ass, wou ganz gutt Saachen dra sinn. Wat ass mat deem Plan directeur de l'aménagement du territoire? Soll deen an iergendengem Tirang vum Ministère de l'Intérieur verstëbsen? Ech hunn och gefrot: Wat ass mam Gesetz, wat mer 1999 nei geschafen hunn, soll dat grad wéi dat Gesetz virdru lettre morte bleiwen? Ech hu keng Äntwert dorobber kritt, weder vum Budgetsminister, nach vu soss engem anere Minister vun der groussherzoglecher Regierung. Ech hunn och gefrot, wouhir déi Plan-régionauxen komme sollen, déi immens wichteg sinn, am Kontext vun der Entwécklung vun dësem Land, mat deem ekonomesche Modell an där Dynamik, wou mer dra sinn, fir datt d'Gemengen hei am Land net iwwerrullt ginn. Et ass jo elo esou – a mir wäerten doriwwer nach ze schwätze kréien –, dass d'Gemeenge jo ëmmer méi déi finanziell Moyenen ewechgeholl kréien. Da soll de Stat zumindest de Courage hunn, wann en dat mécht, dann awer dofir ze suergen, datt iwwer sou Saachen, wéi déi Plan-régionauxen, d'Gemengen net komplett vun der Situation iwwerrullt ginn.

Här President, dat sinn nëmme dräi zentral Punkten, déi ech d'lescht Woch hei opgezielt hunn, wou et awer wichteg war, datt ech – virun allem anscheinend och fir der Majoritéit se nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen – se nach eng Kéier de Mëtteg hei virgedrun hunn, an

déi eis méi wéi genügend Argumenter ginn hunn, fir dëse schlechte Budget net ze stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert. An da kënnt den Här Weiler.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech weess net, ob déi Schüler, déi lo grad nach hei am Sall waren, déi Polemik tëschent der CSV an hirem verluerene Sohn, dem ADR, apprécieiert hunn, an op dat, wat sech ofgespillt huet, dem Ruff vun der Chamber schued oder deem Ruff bäidréit, besonnesch, wou et jo hei ëm dat wichtegst Gesetz vum Joer geet, dat heescht d'Gesetz iwwert de Budget.

Et stëmmt schonn, dass d'Regierung, am Géigesaz zu fréiere Joren, net dohinner gaangen ass a wesentlech Änderungen an de Budget erabruucht huet. Déi eenzeg gréisser Ännerung, déi de Rapporteur jo och scho relevéiert huet, déi en zesummegefaasst huet als Ausgabe fir d'Sécherheet, ass, dass déi ganz appréciable zouhuelen. Et schéngt, wéi wann den Attentat vum 11. September als Virwand benotzt géif ginn, fir d'Biergerrechter anzeschränken an d'Kontroll vun de Bierger ze verstärken. Dat ass esou wäit gaangen, dass zum Beispill an den USA lo nach Dausende vun Ausländer festgeholl gi sinn an och elo nach do setzen, am Prisong ouni Uklo. Wat dofir déi biologesch Waffen ubelaangt, déi jo och an deenen Amendementer ugeschwat gi sinn, sou geschéien déi sécher op Afloss hi vun deem Verschécke vu Bréiwer mat Anthrax an den USA. Et gëtt ëmmer méi evident, dass dës Attacke vu Material stamen, dat aus staatlechen amerikanesche Forschungslaboratoire kënnt, a wou deen een oder deen aneren als Trëttbrettfuerer déi Attentater vum 11. September ausnotze wëll.

Et soll een, menger Meenung no, dofir net an eng gewëssen Hysterie verfallen, a lo Kreditter, déi net onbedéngt erhéicht musse ginn, an deem Ausmooss erhéijen.

Et trifft sech gutt, Här President, dass, grad uschlëssend un dëse Punkt, Zouwendunge vun de Mehreinnahmen aus dem Joer 2000 op der Tagesordnung stinn. Hei gesäit een, wat vu budgetär Wouerecht an Transparenz ze halen ass. D'Kapitalausgaben am definitive Budget vun 2000 waren op 495 Milliounen Euro veranschlagt ginn, elo si se am Budget 2002 veranschlagt op 853 Milliounen Euro. Wann awer elo déi Mehreinnahmen aus dem Joer 2000, an dat sinn der 672 Milliounen Euro, an den Investéierungsfonge verdeelt gi sinn, da belafe sech quasi d'Kapitalausgabe fir dat Joer 2000 op 1.177,6 Milliounen Euro. Dat sinn 137% méi wéi an dem definitive Budget stungen. Et kann een also unhuelen, dass elo am definitive Budget fir 2002 weder d'Einnahmen nach eng Rei vun Ausgaben, wéi déi, déi

zum Beispill als Kapitalausgabe figuréieren, richtig ageschat ginn.

Dëse Budget schéngt mer dofir der probabler Realitéit net vill méi no ze kommen, wéi dat och schonn am fréiere Joer de Fall war, an dat ass och d'Ursach firwat ech dee Budget net stëmmen, genausou wéi seng Amendementer.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wonnert lech net, wann ech net méi vill zum Budget soe wëll. Meng Fraktioun huet dat déi lescht aacht Deeg hei en détail gemaach mat siwe Riedner, déi hei eis Kriticken, mä awer och eis positiv Bewäertungen, déi mer zu dësem Budget virzebréngen haten, duergeluecht hunn. Ech wëll – an dat verstitt Der – ganz kuerz op dat reagéieren, wat den honorablen Här Gibéryen virdrun hei gesot huet, als Reaktioun op meng Interventioun vun der leschter Woch.

Ech hat lescht Woch hei e puer Fakten, dräi un der Zuel, opgeléicht, Fakten, wou ech gesot hunn, datt iwwer déi Fakten den ADR d'Onwouerecht gesot hat. Den Här Gibéryen kënnt haut op d'Tribün hei a seet, et wier ganz schlëmm, do wiere politesch Aussoe gemaach ginn, déi ech dann dohigestallt hätt als Onwouerecht, respektiv als Ligen.

Här President, dat ass net richtig, ech hu vu Fakte geschwat. Et ass jo nëmme bei Fakten, wou ee feststelle kann, ob eppes richtig ass oder net richtig. Politesch Aussoen, déi huet jiddfereen. Dat si subjektiv Appréciationen, do muss een dovun ausgoen, dass jiddferee seng Responsabilitéit iwwerhëlt. Mä bei de Fakten ass et e wéineg anescht. Da geet den ADR hei vun enger Meenung aus, déi leider total falsch ass. Allegueren déi, déi heibanne sinn, déi mol eng Kéier mat Juristerei eppes ze doen hunn, kënne mir bestätegen, dass dat richtig ass.

Et ass net esou, dass wann een eng Behauptung opstellt, säi Kontrahent bewiese muss, dass dat, wat behaupt ginn ass, net wouer ass. Dat ass nämlech de Principe vun der Preuve négative. Déi gëtt et net an eise Rechtstat. An eise Rechtstat war et bis elo nach ëmmer esou, dass deen, dee behaupt, bewiese muss. Et ass also net u mir, fir ze beweisen, dass dat, wat den ADR behaupt, net stëmmt. Et ass emol fir d'éischt um ADR ze beweisen, datt et stëmmt, esou wéi et behaupt ginn ass.

(Interruptions et hilarité)

Ech wëll emol erëm, Här Gibéryen, e Beispill nach eng Kéier da rausgräifen, vun deenen, déi ech opgezielt hat: De Problem vum Projet, wat d'Nationalitéit an d'Fro vun der Konditioun vum Lëtzebuerger geschen, wat ee kënne muss, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Ech hu behaupt oder gesot, dass dat, wat den ADR behaupt hätt, dass d'Regierung nämlech hire Projet ëmgeännert

hätt an d'Propositione vum ADR, dass dat net richtig wier, dass dat net der Wouerecht entspreche géif. An deementspreechend hunn ech versicht dat ze beweisen, wéi ech hei Texter virgeluecht hunn. Den Här Gibéryen kënnt elo hei op d'Tribün a seet: „Jo, mä sou war dat net, laang ier déi Kommissiounen do getagt hunn, a laang virun den Amendemente vun der CSV, hate mir, ier de Projet deponéiert ginn ass, dat Noutwendeg an de Wee geleet, fir eis Proposition ze maachen.“

Also, Här President, ech wier jo nach d'accord, wann dat esou stëmme géif, fir dat unzehuelen, mä et geet awer net duer, dass den Här Gibéryen hei seet: „Am Oktober ass en Avant-Projet an engem éischte Stadium ofgeseent ginn, an du si mir Stuerme gelaft, an op Grond vun eise Stuerme huet d'Regierung hire Projet ofgeseent.“ Wann dat da stëmmt, Här President, da soll den ADR soen, wou dann dee Stuerme war. Ech hat näischt dovun héieren an näischt dovun gesinn. Et wier jo einfach, fir ze beweisen, wou dee Stuerme sech dann opgedoen hätten an op wéi eng...

(Interruptions)

Aart a Weis. An ech bleiwen dobäi, Här President, ech fuerderen den Här Gibéryen op, wann dat dann net stëmme soll, da soll en heihinner kommen an eis soen, wéini, a wéi engem Kommuniké, a wéi enger Stellungnahme datt den ADR sech géint déi dote Konditioun opgeleent huet. Wann d'Regierung och am Oktober den Avant-Projet diskutéiert huet, huet eis Partei schwartz op wäis an engem Kommuniké, de 17. November, matgedeelt, wat dann eis Positioun wier, an dass mir d'lëtzebuergesch Sprooch verlaangt hunn. Ech kenne keen eenzege stuermähnleche Mouvement vu Säite vum ADR, den an déi dote Richtung geblosen hätten. Deementspreechend, Här President, soulaang, wéi dat net de Fall ass, a souguer, wann dat de Fall wier, géif dat emol net beweisen, dass d'Regierung d'Propos vum ADR ugeholl huet, mä ëmmerhin, qu'on nous dise exactement, wéi d'Situatioun ass, da wier d'Saach an der Rei. Mä ech brauch hei kee Beweis ze erbréngen, datt dat, wat den ADR behaupt, net stëmmt. Wann dat sou behaupt gëtt, an dee Stuerme do war, soll en eis beweisen, wou dee Stuerme war.

Ech kommen op den zweete Punkt, den ech hei opgeworf hat. Dat war d'Fro, wat behaupt ginn ass hei an den Debatten iwwert den éischten an den zweete Rentendesch an d'Propositione vun deenen engen an deenen aneren. Den honorablen Här Gibéryen huet virdrun a senger Interventioun sech ganz fein do derlaanscht gemogelt, andeem e vun deenen 3.000 Frang geschwat huet, déi anscheinend ofgeschriwwen gi waren. Ech hat geschwat vun der Behauptung vum Här Gibéryen, hei op der Tribün, dass um éischten an zweete Rentendesch d'Majoritéit, déi aus zwou Parteien zesummegeat ass, d'Demokratesch Partei an d'CSV, – ech ginn elo mol vu menger Partei aus –, dass déi keng

Propose fir anstänneg Verbesserunge gemaach hätten, a mir hätten eréischt en cours de route, nom zweete Rentendesch, eis Propos vun 3.000 Frang gemaach.

Här President, ech hunn d'Dokument op Ärem Dësch hannerluecht, laut deenen dat net stëmmt. Eis Propos um Rentendesch fir eng Pauschal fir 3.000 Frang fir d'Fraen anzeféieren, war déi alleréischt Propos, déi mir formuléiert hunn, an eise Pabeier vum 27. Abrëll, dem ADR säi war zwee Deeg virdru komm. Eis sinn de 27. Abrëll, also virum zweete Rentendesch schwartz op wäiss op de Rentendesch geluecht ginn. Wann den Här Gibéryen op der Tribün behaupt, dat wier net richtig, da kann ech awer net anescht soen, wéi datt hien d'Wouerecht net seet. Sou war et nämlech net. D'Dokumente leie jo hei um Dësch, an den Här Gibéryen ka jo dozou Stellung huelen.

(Interruptions)

Ech muss lech soen, Här President, et ass net esou, wéi den Här Gibéryen virdru gesot huet, dass hei, wa mer eis een deem aneren d'Wouerecht soen, dat en Ausdrock vun Haass ass, mä, ech muss lech soen, Här President, et ass einfach d'Flemm, déi een huet, fir ëmmer Behauptungen nolafen ze mussen, déi net stëmmen. Mir lafen hei zënter Joren – an ech erënneren lech drun – enger Affär vun enger Valise no...

(Interruptions)

Jo, jo. Dir hutt behaupt, an Dir hutt bis haut net bewisen. Dat ass Äre System, dat ass d'Mannéier, wéi Dir Politik maacht. An dat ass eng Mannéier, déi einfach net korrekt ass. Et geet net nëmmen duer, fir Behauptungen an d'Welt ze setzen, an déi aner kënnen da kucken, dass se domadder eens ginn. Wann ee behaupt, da soll een och fairerweis seng Beweiser fir d'Behauptungen op den Dësch leeën. Wann ee keng Beweiser huet, soll een och keng Behauptungen opstellen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetminister Luc Frieden.

(Interruptions)

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Bausch huet virdru gesot, ech hätten Kriticken net héiere wëllen an ech wier der Meenung gewiescht, et wier an deenen Debatten d'lescht Woch virun allem e grouse Konsensus ginn. Ech wëll dat nuancéieren, ech hu gesot, et ass e grouse Konsensus gi betreffend d'Grondausrichtungen vun der Budget- a Finanzpolitik vun dëser Regierung. An dat hunn ech de Mëtteg erëm festgestallt, well vun deenen, déi zum Budget intervenéiert sinn, zu den Amendemente vum Budget, mat Ausnahm vum Rapporteur, dem Här Wiseler, deem ech och fir säin Zousazrapport merci soe wëllt, quasi keen de Mëtten zu

de Budgetsamendementen geschwat huet. Ech zéien doraus d'Lektioun, dass, wann Der alleguerten net d'accord wiert, mam Budget a mat de Budgetsamendementen, dann hätt Der Är fofzéng Minutten, déi Der pro Fraktioun hat, integral gebraucht, fir zur Budgetspolitik ze schwätzen a fir déi ze kritizéieren. Dir hutt dat net gemaach, also huelen ech doraus d'Konklusioun, datt Der grondsätzlech mat der Budgetspolitik d'accord sidd, well Der soss Är Zäit anescht gebraucht hätt.

Ech wëll och hei nach eng Kéier soen, dass och no de Budgetsamendementen déi gesond Statsfinanzen erhale bleiwen. En interessante Saz huet den Här Krecké virdrun a senger Interventioun gemaach, am Bezuch op eng spezifesch Politik, do huet e gesot, ech zitieren: „Kreditter verduebelen ass dat Einfachst, wat ee maache kann.“ Ech soen als Budgetminister, datt dee Saz nëmmen hallef richtig ass, well et ass einfach, Kreditter ze verduebelen, mä et ass schwierig, de Budget am Equilibre zugläich ze halen. Dat Positivt bei dësem Budget, wat ech hei nach eng Kéier aus Regierungssicht ervirsträiche wëll, ass, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, verschidden Akzenter ze setzen an de Budget, trotz Steuerreform, trotz neien Elementer an der Familljepolitik an an anere Beräicher, trotz neien Akzenter an der Sécherheetspolitik, awer am Equilibre ze halen a keng nei Statsschold ze maachen.

All déi, déi mengen, dass een hei kënnt d'Suen einfach verdeelen, sollen eis soen, wéi si et géife maachen, fir den Equilibre am Budget ze halen. Mir hunn dat fäerdeg bruecht.

Dëse Budget ass een, deen eng staark Sozial- a Familljepolitik huet. Et ass e Budget, deen d'Intérêt vum de Leit an deenen dote Beräicher, mä och an Domänen wéi déi vum der Sécherheet, wou nei Erausforderungen un de Stat gestallt ginn, respektéiert. Et ass e Budget, deen de Gruef tëschent Aarm a Räich heiheem an an der Welt méi kleng mécht an dofir och staark Akzenter an der Entwécklungspolitik setzt, déi déi aner Länner an Europa net fäerdeg bruecht hunn.

Sécher sinn et eng ganz Rei Observatiounen iwwer Deelberäicher vum der Politik ginn, wou am Laf vum Joer déi eenzel Ministeren an hire Fachberäicher wäerten drop zrëckkommen. Esou och am Beräich vum der Informatik an dem Stat. Och do soen ech, dass ee fir d'éischt awer emol – fir esou eng Politik kënnen ze maachen – d'Budgetskreditter brauch. A wann ech selbstverständlech der Meenung sinn, dass et net duerget, dass ee Budgetskreditter gëtt, fir dass eng Politik gemaach gëtt, da muss een awer fir d'éischt emol déi Budgetskreditter ginn, an dëse Budget, an dee leschten och schonn, hu wesentlech Akzenter a Bezuch op d'Informatioun an d'Online-Struktur vum Stat gesat, mä et brauch eng gewëssen Zäit bis dat ëmgesat gëtt.

Ech fannen et onfair, virun allem vis-à-vis vun deene ville Beamten, déi an de Ministère an an de Gemengen um Online schaffen. Ech war nach de Moie kucke wéi dat geet a Bezuch op d'Aféierung vum Euro. Déi hunn eng riseg Aarbecht do ze maachen, an dat ass eng Aarbecht, déi sech iwwer e puer Joer zitt. Ech kann lech elo scho soen, dass de Minister Biltgen, deen delegéierte Kommunikatiounsminister ass, soubal en am Januar aus sengem Erholungsurlaub erëm ass, och wäert eng Pressekonferenz maachen, fir zu deene Kriticken a Bezuch op e-Lëtzebuerg Stellung ze huelen. A 14 Deeg also wäert d'Regierung, notament duerch de Mond vum Minister Biltgen, dozou Stellung huelen. Do lafen nämlech enorm vill Projeten, mä déi sinn net vun haut op muer ëmzesetzen. Ech hu schonn déi leschte Kéier gesot, eng Regierung jugéiert een iwwer véier, fënnef Joer an net iwwer een, zwéi Joer. Grad an deem dote Beräich brauch dat eng gewëssen Zäit.

Ech mengen nach eng Kéier, dass dat hei e gudde Budget ass. Et ass e Budget, deen d'Land och op d'Zukunft preparéiert.

A propos Zukunft wëll ech just ee Saz soen zu deem, wat den Här Gibéryen hei gesot huet a Bezuch op déi Ausso, déi ëmmer erëmkënnt am Discours vum ADR a mat där mer eis wäerten an deenen nächste Joren och ëmmer erëm ausenaner setzen, nämlech dass de Statsminister gäre 700.000 Awunner hätt.

Ech weess net wat de Statsminister dreemt. Ech weess awer wat de Statsminister denkt a wat e seet, well ech mech quasi deeglech mat em ënnerhalen.

Ech wëll hei ganz ausdrécklech nach eng Kéier dat soe wat ech och a menger Budgetsried gesot hunn, datt weder de Statsminister nach iergend en anere Minister vum dëser Regierung sech zum Zil gesat huet, dat Land hei zu engem schnelle Wuesstum ze forcéieren an zu 700.000 Awunner ze kommen.

Ech hunn an Ärer Zeitung, déi Der dorëmmer verschéckt, gelies: „Dem Juncker säi 700.000-Awunnerstat“. Dat ass an dat bleift falsch. De Statsminister huet gesot, och nom Rentendesch, dass hei eng Rei Moosname getraff gi sinn an e wollt hiweisen op wat fir eng Prémissen dass déi baséieren, respektiv wat ee muss erreechen, wann ee wëllt iwwer eng gewëssen Zäit déi dote Moosname finanzéiert kréien, an en huet sech op Tableaue baséiert, déi publizéiert gi sinn.

Ech wëll hei net nach eng Kéier déi ganz Debatt féieren, mä ech wëll ee fir allemol soen, dass d'Regierung sech net zum Zil gesat huet, schnell zu enger Verdueblung vum der Bevëlkerungszuel ze kommen. Et ass weder en Zil nach e Wunsch, an Dir kënnt 100 Mol de Contraire soen an ech géing lech bidden deenen dat ze gleewen, déi an der Regierung sinn, well schlussendlech maachen déi eng Politik, déi Dir kommentéieren a kritiséieren kënnt, mä si wëssen awer wat se maachen. Ech hunn a

menger Ried gesot, mir brauchen e Wuesstum, well soss kënne mer net déi Politik maachen, déi mer wëlles hunn.

Mir wëllen e gemässegte Wuesstum, an ech hunn drop higewisen, dass mer just an deene leschte Joren e schnelle Wuesstum haten, dass mer dee par ailleurs net a Fro gestallt hunn, och net heibannen, an ech hunn lech gesot, wa mer zum Beispill d'Bankgeheimnis d'lescht Woch zu Bréissel opgehuewen hätten, dann hätte mer vun haut op muer eng ganz Rei Aarbechtsplaze manner.

Wa mer gesot hätten, si sollen den Europäesche Gerichtshaff anzwousch anescht setzen, dann hätte mer e puer Honnert Awunner manner an da géinge vläicht d'Terrainspräisser momentan erofgoen, mä ech soen lech awer och, da kënnte mer net déi Sozialpolitik maachen, wéi mer se hei am Land maachen. Da kënnte mer net déi Gehälter bezuelen, wéi mer se hei am Land bezuelen. Da kënnte mer net déi Sports- a Kulturpolitik an anere Beräicher vun der Politik maachen, wéi mer se maachen. Et muss een also ëmmer wëssen, wann een A seet, muss een och B soen.

Mir wëlle Wuesstum, dat ass richtig. Mir wëllen e gemässegten, kontrolléierte Wuesstum, an ech hunn dat och a Bezuch op d'Immigratiounspolitik d'lescht Woch gesot. Ech wollt dat hei just wéinst där Ausso vu virdru soen, well déi huet schonn eppes mam Budget ze dinn. Mir wëllen och dofir d'Suen esou wéi virgesinn an eise pluriannuelle Finanzéierungsplanungen, fir dass mer dat Land kënne op dee gemässegte Wuesstum virbereeden an och déi Ausgaben, déi op eis duerkommen, dann tätege wann et noutwendeg ass.

Schlussfolgernd, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech hei nach eng Kéier soen, dass ech mengen, dass mer an deem Budget eiser Aufgab gerecht gi sinn, dass mer hoffen, dass mer de Budget esou kënne ausféieren, wéi mer en zur Ofstëmmung hei virleeën. Op der Dépensesäit sinn ech zoustänneg, fir eng strikt Ausgabepolitik. Op der Recettësäit hoffen ech, dass déi Virgaben, déi mer eis ginn hunn, oder déi Hypothesen, déi mer opgestallt hunn, sech och wäerte realiséieren.

Ech hu léiwer méi Recettë wéi ze wéineg. D'wirtschaftlech Situatioun ass net excellent, mä et soll een och net an de Pessimismus verfallen. Mir mengen, dass d'Steierreform, gekoppelt mat enger Ausgabe- politik, déi virun allem de kleng Mëttelbetriber hei zu Lëtzebuerg zegutt kënnt, et mat sech bréngt, dass d'Lëtzebuurger Ekonomie dee momentane Ralentissement an der Welteconomie besser wäert iwwerstoe wéi déi aner.

Dat huet och dozou gefouert, dass mer d'lescht Woch um Ecofin, an där schwiereger Steierdiskussioun, e Resultat erreecht hunn, dat mat sech bréngt, dass och d'Banke wäerten d'nächst Joer relativ gutt Resultater maachen. Och doriwwer kënne mer, mengen ech,

gemeinsam als Lëtzebuurger frou sinn. Dee Match ass net definitiv ausgestanen. Dee Match wäert d'nächst Joer zrëckkommen, mä mir hunn et op jidde Fall fäerdeg bruecht, dass mer d'Konkurrenzfähigkeit vun der Finanzplaz Lëtzebuerg am internationale Kontext erhalen, well mer eis net ënnerkréie gelooss hunn a fir d'éischt wëlle wëssen, wat dann an den Drëttstate wéi der Schwäiz, Liechtenstein an Andorra geschitt. Mir wäerten op deem Dossier och weiderhin eis Responsabilitéit iwwerhuelen.

Ech wär frou, wa mer en Donneschdeg kënnten eng breet Zoustëmmung fir dese Budget an deem Haus fannen. Domat géing ech all deenen, déi zum Budget intervenéiert sinn, a virun allem och nach eng Kéier Ärem Rapporteur villmools merci soen.

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech hat u sech net wëlles, d'Wuert ze huelen, mä wa schonn de Budgetsminister mech drun erënnert, dass ech nach Zäit hunn, da wëll ech déi gär ausnotzen, well ech och muss feststellen, dass en hei op eemol zu enger ganz komescher Theorie komm ass. D'Theorie ass folgend, wann een net seng Zäit ausgenutzt huet – a wat fir eng Fraktioun notzt net hir Zäit aus –, dann huet ee fatalement net vill dergéint ze soen. Dat ass eng Theorie, déi muss Der mer awer nach eng Kéier erklären, Här Budgetsminister. Bei där éischte Kéier ass déi mir net kloer genuch.

Mä vu dass ech awer Zäit hunn a vu dass Der mengt, ech hätt mech net mat Ärem Budget ausenaner gesat an ech géing hei just Phrasen dreschen, wëll ech lech just eppes soen.

Dir hutt vun der Verdueblung geschwat, wéi wann ech dat esou aus heiterem Himmel geholl hätt. Ech kann lech allerdéngs d'Dokument net genau zitieren, well grad wéi Dir hunn ech och net mäi Budget haut bei mer. Et ass en déckt Dokument, wou ee Schwieregkeeten huet et eleng ze schleefen. Dofir hunn ech et net hei, mä ech weisen lech et awer herno, fir lech ze beweisen, dass op engem wesentleche Punkt, Uschafe vu Material, wat jo emol d'Basis ass, ier een ufänkt, Dir eng Verdueblung virgeholl hutt vun engem Kredit. Also hunn ech de Budget éischens gelies, zweetens hunn ech mech mam Budget ausenaner gesat, well soss géing ech jo net wëssen, dass et eng Verdueblung wier. Dir beweist mer jo dann och, dass ech zum Budget geschwat hunn, géing ech emol unhuelen.

Ech hu gesot, et geet net duer eppes ze verduebelen, well ech weess, dass do e Kredit verduebelt ginn ass, wann een net higeet an Iwwerzeegungskraaft dra setzt.

Ech hunn lech gesot, et ass duerch déi politesch Responsabel woufir mer haut kee Konzept hunn. Den Här Biltgen ka roueg drop äntwerten. Et deet mer Leed,

dass ech dat haut muss soen, mä et ass haut d'Aktualitéit. Soss hätt ech gewaart domadder. Wann Dir sot, et ass onfair elo op eemol de Beamten ze soen, déi géinge jo hiert Beschtt ginn. Hu mir jee dorunner gezweifelt?

A fir déi dräi Steueradministratiounen, vun deenen ech elo grad geschwat hunn, hunn ech mech agesat, dass d'Loi organique, déi si betrëfft, och muer eng Proposition de loi kritt, déi hinne Genugtuung gëtt. Et ass also garantéiert net, dass ech mat der Aarbecht vun der Steierverwaltung net averstane wier.

(Interruption)

Ech och! Also kann ee mir net virwerfen, ech wier net zefridden. Et ass nämlech en ausseruerdentleche Virgank, wann eng Fraktioun, besonnesch an der Oppositioun, higeet an eng Proposition de loi mécht, fir eng Loi organique ze änneren, wou déi Leit, déi do schaffen, Verbesserungë kréien. Dat ass en ausseruerdentleche Virgank, deen Dir mir, Här Weiler, net kënnt aus der Vergaangenheet zitëieren. Ech soen lech, et gëtt en op jidde Fall net.

An da muss ech soen, genau an där Verwaltung, där hir Aarbecht ech schonn e puermol apprécieiert hunn, ass et net de Feeler vun de Beamten, wann een higeet an et gëtt een deenen net dee Service informatique, dee se néideg hunn. Eng Verwaltung, déi iwwer 600 Beamten huet a kee seriöse Service informatique huet, keen Helpdesk huet, guer näischt huet, wou wëlle mer da vun deene verlaangen, dass se muer online sinn. Dat ass net d'Fro vun de Beamten. D'Beamte si frou, dass se hir Aarbecht gemaach kréien, a si hu ganz vill Aarbecht.

De Finanzminister weess säit laangem, dass en drastesch Moossnamen do ze huelen huet. Et geet och net duer, fir ze soen, dat braucht alles seng Zäit. Dir waart zu Feira, mä ech weess net ob Der zu Lissabon waart. Zu Lissabon ass en Engagement geholl ginn, an net fir d'Joer 2050, wéi Der heiansdo d'Tendenz hutt ze schwätzen. Enn 2002 hu wa méiglech sämtlech Servicer 100%eg online ze sinn. Net méi an net manner ass do verlaangt ginn. Do sinn Terminer gesat ginn, do ass net gedoktert an Aufsätz gemaach ginn iwwer Saachen, déi an zéng Joer ze geschéien hunn. Do ass en Datum gesat ginn, an dat ass Enn 2002.

A wann ech feststellen, dass mer elo, ee Joer virun Enn 2002, hei behaft si mat engem Budget, deen a mengen Aen d'Solutioun net dozou bréngt, da soen ech mer, och Enn 2002 brénge mer et net fäerdeg, eis anstänneg ze placéieren. An dat, Här President, an enger Zäit, wou mer jo awer unerkanntenermoossen eng extrem gesond finanziell Situatioun hunn.

A mir bréngen et an där Situatioun net fäerdeg, eis Statsverwaltungen esou ze équipéieren, dass se mat deenen anere Verwaltungen kënnen a Konkurrenz trieden. Mir schneide schappeng of an enger Period, wou

mer extrem vill Suen hunn. Wat geschitt da muer, wa mir wierklech emol eng Kéier budgetär Problemer hunn? Wat waren dann eis Atouten? Hei schéngt jidderee sech drop ze beschränken, d'Atouten nach just am Steierwiesen ze gesinn a vläicht nach an den Tauxë vun der Sécurité sociale, déi relativ niddreg sinn.

Eis Atoutë mussen anerer sinn. Et weess ee jo net wéi déi Situatioun sech muer entwéckelt, an da muss dat Land an enger Period, wou et vill Suen hat, sech esou virbereet hunn op eng Period, wou et vläicht manner Suen huet, dass et besser équipéiert ass. A wat muss een anescht maache wéi seng Bildung verbessern? Et muss ee staark um Niveau vu sengen Infrastrukture sinn. Dozou gehéiert de Verkéier, an do verseet d'Regierung total. An et muss een och staark sinn um Statsapparat, dat heescht, deene Verwaltungen, déi een huet. Wann een dat net mécht an Zäite wou ee Suen huet, wéi soll een et da maachen an Zäite wou ee keng Suen huet?

An dat ass muer den Atout firwat dass eng Entreprise nach vläicht heihinner kënnt. Mir sinn amgaang, déi Atouten do ze verspillen. Net méi an net manner wollt ech soen, Här President.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domat wier dee Punkt ofgeschloss. De Vote iwwert de Budget an iwwert d'Motiounen, déi während der Debatt abruecht gi sinn, geschitt an der Sitzung vum nächsten Donneschdeg.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4826 iwwert den Iwwerschoss vun de Budgetsrecetten aus dem Joer 2000. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Rippinger, Gibéryen, Bausch, Bisdorff a Krecké.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

4. Projet de loi 4826 sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2000

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert d'Affektatioun vun den Excédente vun de Recetten ass u sech manner spannend, wéi de Chiffer ëm deen et geet eigentlech géif misse schlësse loossen. Et geet ëm ee ganz héije Montant, mä en cause ass schlussendlech nëmmen d'Affektatioun vun deene Gelder, dat heescht, dass mer soen, wat mat deene Gelder soll geschéien.

Ronn 30,7 Milliarden u Plus-valuen, dat ass net näischt. Et muss ee kucken, wou kommen déi Plus-valuen hier. Mir wëssen, dass am Joer 2002 d'Lëtzebuerger Economie geboomt huet, net nëmmen d'Lëtzebuerger